N°3758
Entrée le 12.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.03.2026
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Aarbecht & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng vireg parlamentaresch Fro n°3623 huet de Minister Erklärungen zur Retroaktivitéit vun de Krankeschäiner fir d'Gemengebeamt:innen geliwwert. Et gëtt op d'Reegel agaangen, dass de Krankeschäin ab dem véierten Dag muss virgeluecht ginn:

"*D'Situatioun vun engem Beamten, dee méi ewéi 3 Deeg hannereneen aus gesondheetleche Grënn net ka schaffen, ass vum Prinzip hir fir Staats a Gemengebeamten d'selwecht gereegelt. Fir déi éischt dräi Deeg ass kee certificat médical néideg. Vum véierten Dag un muss den Agent allerdéngs esou e Certificat virleeën. D'Gesetz gesäit vir, dass den Agent spéitstens um véierte Krankheetsdag bei en Dokter geet, deen, wann et ubruecht ass, e Krankeschäin ausstellt. […]*

*Den Artikel 16 vum ëmgeännerte Congésreglement vun de Gemengebeamte vum 21. Oktober 1987 gesäit vir, datt de Krankeschäin vun deem Dag un valabel ass, wou e vum Dokter ausgestallt ginn ass. De Gemengebeamte brauch réischt vum véierten Dag un ee Krankeschäin vum Dokter."*

An den Äntwerten op meng parlamentaresch Fro n°2262 an 2275 aus dem Joer 2020 haten déi deemoleg Ministeren, dass ee Salarié virun enger Kënnegung geschützt ass, och wann en deen Dag selwer keen Zertifikat konnt virleeën. (Dëst war am Kader vun der Covid-Pandemie an dem Congé pour raisons familiales).

Den Zertifikat ass de Beweis an d'Begrënnung vun der Absence a kéinten nodréiglech nogereecht ginn, wann den Employé senger Flicht nokomm ass, de Patron iwwert seng Absence z'informéieren.

Dofir stellt sech nach eng Präzisiounsfro betreffend der Retroaktivitéit vum Ausstellungsdatum vum Krankeschäin ("Date de délivrance"), op déi d'Ministeren an hirer virëger Äntwert net agaange sinn. Heizou dat folgend Beispill:

Eng Persoun huet e Krankeschäin vu Méindes bis Mëttwoch. Donneschdes fillt si sech nach ëmmer krank, mee si kënnt deen Dag net direkt bei den Dokter. Si kënnt erréischt Freides bei den Dokter. Den Dokter stellt dann ee Krankeschäin aus (Date de délivrance = Freideg) an attestéiert medezinesch, datt d'Aarbechtsunfäegkeet schonn Méindes bestanen huet, a schreift de Krankeschäin also retroaktiv fir Donneschdeg a Freideg.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt déi uewe beschriwwe Situatioun beim Staat a bei de Gemenge behandelt?

2. Gëllt de Krankeschäin fir d'Gemengen- souwéi Staatsbeamten ab der Date de délivrance oder ab deem Datum, wou d'Persoun medezinesch vum Dokter fir aarbechtsonfäheg erkläert gëtt?

3. Gëtt ee Krankeschäin, deen, wéi am uewe genanntene Beispill, retroaktiv ausgestallt gouf am normalen Aarbechtsrecht als Beweis vun der Absence unerkannt?

4. Gëtt ee Krankeschäin, deen, wéi am uewe genanntene Beispill, retroaktiv ausgestallt gouf am Gemengesektor als Beweis vun der Absence unerkannt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

modern. fair. transparent.